Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27te Januar 2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

D'UN-Kannerrechtskonventioun gesäit Folgendes vir:

"En particulier, tout enfant privé de liberté sera séparé des adultes, à moins que l'on estime préférable de ne pas le faire dans l'intérêt supérieur de l'enfant (…)" (Artikel 37c).

Dat lescht Joer hat ech a menger parlamentarescher Fro n°595 gefrot, wéi vill Jugendlecher insgesamt zu Lëtzebuerg an engem Prisong ënnerbruecht goufen. D'Zuelen aus der Äntwert vum Minister weisen, dass säit 1992 ëmmer erëm Jugendlecher a Strukturen fir Erwuessener ënnerbruecht goufen. Wärend déi international Normen d'Placéiere vu Mannerjäregen a Prisongen kloer als Ausnam definéieren, ass dës Praktik zu Lëtzebuerg also säit ville Joren duerchaus geleefeg.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Justizministesch dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d'Fro n°595 feelen déi gefroten Zuelen aus de Joren 2014, 2016 an 2017. Wéi vill Mannerjäreger sinn am Zäitraum vun 2014 bis 2019, wann och nëmmen temporär, an engem vun de Prisongen zu Lëtzebuerg placéiert ginn?

2. Wéi laang waren déi eenzel Jugendlech tëscht 2014 an 2019 all Kéiers am Prisong inhaftéiert?

Mat déiwem Respekt,

Marc GOERGEN
Députéierten